

Multiple Myelom bekämpfen

Amicale 5 x Beringen spent un AMM-Online

Biereng. Bei Geleeënheet vun der Generalversammlung vun der Asbl. Amicale 5 x Beringen hunn déi Verantwortlech der AMM-Online – dat ass d'Arbeitsgemeinschaft Multiples Myelom-Online – ee Scheck vun 2 500 Euro iwwerrecht.

D'AMM-Online ass eng Hëlleforganisatioun, déi hiert aktuell Wëssen an Informatiounen rondërem de Multiples Myelom, iwwer eng Online-Plattform un déi betrafte Leit virugëtt. Et ass e Patienteforum, wou se sech kënnen in-

forméieren, awer och géigesäiteg austauschen. Sou sinn an deem Forum bis haut eng 2 500 Patienten a Famillje registréiert.

Multiple Myelom ass eng béisarteg Erkrankung vum Knachemuerch, deen Deel vum Immunsystem ass.

An der EU sinn et véier bis fënef Mënsche vun 100 000, déi all Joer nei dovou betraff sinn. AMM-Online ass eng reng benevol Organisatioun, woufir se natierlech op Spenden ugewisen ass.

Henri Krier via mywort.lu



D'AMM-Online ass eng Hëlleforganisatioun, déi Informatiounen rondërem de Multiples Myelom u betrafte Leit virugëtt.